Livre vert. Ech sinn absolut dermat d'accord, dass mer dat eng Kéier hei diskutéieren. Wéi de Livre vert erauskomm ass, hat ech Är Kommissioun gefrot, ob d'Chamber dat wéilt organiséieren oder ob ech dat soll organiséieren. Et war dunn de Wonsch, dass de Minister déi Debatt soll organiséieren. Dat huet de Minister och gemaach. Mir hu jo och eng Äntwert als Regierung ginn un Europa. Et si jo och eng Partie Partner, notamment d'Sozialpartner, déi Äntwerte ginn hunn.

Elo fänkt d'Kommissioun un dorobber ze reagéieren. Et ass elo schonn eng éischt Kommunikatioun eraus, déi och elo wäert ënner Portugisescher Présidence diskutéiert ginn. Ech verschléisse mech net - au contraire - enger Debatt bei eis an der Kommissioun iwwert d'Weiderféiere vun deem Livre vert.

Ech géif lech dann och bieden déi Positioun vun der Regierung ze liesen, déi, mengen ech, ganz interessant ass, well se och op verschidde Froen äntwert, dass et eigentlech déi falsch Froe sinn. Notamment soe mer ganz däitlech, dass et falsch ass eng mathematesch Liaisoun hierzestellen tëschent Kënnegungsschutz an Emploi. Mir hunn no der OCDE den héchste Kënnegungsschutz, a mir schafen awer am meeschten Emploi. Et ass natierlech och falsch ze mengen, mat héijem Kënnegungsschutz kéint een d'Problemer vum Chômage léisen. Dat bedéngt erëm eng Kéier aner Solutiounen. Mä déi Debatt kënne mer jo da féieren.

Dann e lescht Wuert. Débat d'actualité. Am Hierscht selbstverständlech; ech hat mer et schonn opgeschriwwe fir elo. Mä ech mengen, mir waren eis all eens, dass mer deen Débat d'actualité sollen am Hierscht maachen. An da kënne mer jo dann nach all déi Froen opwerfen, déi elo jiddfereen haut gären opgeworf hätt, awer net jiddfereen opgeworf wollt gesinn, well mer effektiv sollten zum Artikel L.211-1 schwätzen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer fäerdeg mat den Debatten iwwert de Projet de loi 5714 a mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

12. Résolution de M. Xavier Bettel relative au mariage des couples homosexuels (vote)

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif proposéieren, dass mer dann zur Resolutioun géife kommen, déi den honorabelen Här Bettel haut de Mëtten déposéiert huet. An der Zwëschenzäit si fënnef Ënnerschrëften op der Resolutioun, déi mer virläit. Kënne mer direkt zur Ofstëmmung kommen? Kënne mer par Main levée ofstëmmen? Da maache mer de Vote électronique.

Vote

D'Resolutioun ass verworf mat 38 Nee-Stëmmen, bei 22 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Marc Angel, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Jacques-Yves Henckes.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Alex Bodry, John Castegnaro, Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer et Romain Schneider;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären...

(Interruption)

Här Bettel, mir kommen elo zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet 5715 iwwert de Comité d'entreprise européen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Glesener.

13. 5715 - Projet de loi portant

1. transposition de la directive 2006/109/CEE du Conseil du 20 novembre 2006 portant adaptation de la directive 94/45/CE concernant l'institution d'un comité d'entreprise européen ou d'une procédure dans les entreprises de dimension communautaire et les groupes d'entreprises de dimension communautaire en vue d'informer et de consulter les travailleurs, en raison de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie;

2. modification du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass eng technesch Fro, déi mer mussen erklären. Et ass also keng fundamental Transpositioun vun enger Direktiv.

Ganz kuerz: Ëm wat geet et? Virun e puer Méint hu mer hei eng Direktiv an eis national Gesetzgebung ëmgesat. Do geet et drëm am Zesummenhang vun den europäesche Betribsréit eng Institutioun ze schafen, déi déi Verhandlunge féiert. An déi Kommissioun oder déi Institutioun, déi heescht Groupe spécial de négociation. Déi huet also d'Befugnisser, fir an deenen eenzelne Memberstate vun der Europäescher Unioun Konditioune mat de Betriber, déi a Fro kommen, ze diskutéieren an ofzeschléissen iwwert d'Organisatioun vun der Gestaltung vun engem europäeschem Betribsrot.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wéi déi Direktiv hei gestëmmt ginn ass, hunn eng Rei Staten der Europäescher Unioun nach net ugehéiert. An deemools ass gesot ginn, déi Kommissioun setzt sech zesummen aus maximal 18 Vertrieder. Dat hätt bedeit, datt eng ganz Rei aner Länner, nodeems se Member gi si vun der Europäescher Unioun, ausgeschloss wiere vun där Kommissioun, déi an der Europäescher Unioun déi Betribsréit négociéiert. Duerfir huet d'Europäesch Kommissioun d'lescht Joer en neie Projet de directive op den Instanzewee ginn, deen déi maximal Zuel vun de Memberen net liéiert op iergendeng Zuel, mä liéiert op d'Zuel vun de Länner, déi Member an der Europäescher Unioun sinn.

Dat ass ganz logesch. Et geet elo drëm deem Rechnung ze droen an déi Direktiv a Lëtzebuerger Recht ëmzesetzen; dat heescht datt mer leedeglech soen, keng 18 Membere maximum, mä maximal setzt déi Kommissioun sech zesummen aus alle Vertrieder vun de Memberstate vun der Europäescher Unioun.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, méi ass et net. Et ass also eng ganz einfach Transpositioun technescher Aart vun enger europäescher Direktiv. An ech ginn och selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet den Här Krieps.

(Interruption)

D'Wuert huet dann den Här Castegnaro.

Discussion générale

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Mir soen dem Rapporteur Merci a mir ginn eis Zoustëmmung.

Merci.

(Hilarité)

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Ageschriwwen ass nach den Här Henckes.

(Interruption)

Och den Här Henckes gëtt säin Accord. D'Regierung huet dann d'Wuert.

(Interruption)

Dann ass d'Diskussioun elo ofgeschloss. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5715. Den Text steet am Document parlementaire 5715[3].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5715 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Norbert Haupert), Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5554 betreffend den Dateschutz. Et hu sech ageschriwwen: den Här Santer, den Här Grethen, den Här Schreiner an den Här Braz. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, wann ech gelift.

14. 5554 - Projet de loi portant modification

- de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel;

- des articles 4 paragraphe (3) lettre d); 5 paragraphe (1) lettre a); 9 paragraphe (1) lettre a) et 12 de la loi du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques et

- de l'article 23 paragraphe (2) points 1. et 2. de la loi du 8 juin 2004 sur la liberté d'expression dans les médias

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass net d'Gewunnecht vum Législateur, all gudde Broutdag seng Gesetzer ze änneren. Besonnesch net dann, wa se emol keng fënnef Joer al sinn. Mä dat ass vläicht en Zeeche vun eiser schnellleweger Zäit, datt dat, wat gëscht gutt war, haut schonn iwwerholl ka sinn an da konsequenterweis iwwerschafft muss ginn.

Et kënnt awer och vir, datt e Gesetz an d'Revisioun muss, well et beim éischte Worf net esou richteg gerode war. Zum Beispill, well et sech ëm eng Matière gehandelt huet, mat där d'Auteure vum Gesetz deemools nach net gradesou familiär waren, an datt se duerfir beim éischten Ulaf méi oder wéineger op Probéierchers ugewise waren.

Dat schéngt de Fall fir eist Dateschutzgesetz gewiescht ze sinn, dat aus dem Joer 2002 staamt an dat elo duerch dëst neit Gesetz an enger Rëtsch vu Punkten ofgeännert soll ginn. Dat Gesetz ass deemools net iwwerall gutt ukommm, an dat virun allem, well seng Auteuren et ze vill gutt gemengt haten an op déi EU-Direktiv, déi dem Gesetz zu Grond louch, nach e bëssen dropgetässelt a souzesoen d'Ham an der Mëllech gekacht hunn.

Une voix.- Stellt lech emol vir, mir hätten näischt virgesinn...

(Interruption)

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Dorëm ass et jo net gaangen, Här Minister. Et ass dorëm gaangen, ob net ze vill gemaach gi wär. Aus der duerchaus...

(Hilarité et interruption)

...aus der duerchaus...

Här Minister, aus der duerchaus luewenswäerter Sueg, déi Dir deemools hat, datt ee bei der Dateverwäertung esou vill Regele wéi méiglech misst abauen, fir datt nëmmen näischt un d'Perséinlechkeetsrechter vum Eenzelne kënnt, war d'Direktiv méi wéi streng a restriktiv ëmgesat ginn.

Et huet do net laang gedauert - well elo kënnt de Problem - bis sech erausgestallt huet, datt et quasi onméiglech wär, d'Anhale vun deene sëlleche Bestëmmunge wierksam ze kontrolléieren. Dat huet sech natierlech erëmgeschwat, wat da mat sech bruecht huet, datt deen een oder aneren d'Gesetz net ganz eescht geholl huet, och op d'Gefor hin, vläicht erwëscht oder da géiireg mat den Ouere gezunn ze ginn.

Et war de President vun där neier Kommissioun fir d'Dateprotektioun selwer, deen den Alarm gedréckt an ze verstoe ginn huet, datt hien ënnert deenen Ëmstänn net amstand wier mat senge puer Mataarbechter déi Missioun ze assuréieren, déi de Législateur him ginn hat.

Hien an och déi sëlleche Kritiker aus den Entreprisen, deenen déi éischter wackeleg juristesch Situatioun vum Dateschutz géint de Strëch goung, sinn net op daf Ouere

gestouss. An hirem Koalitiounsaccord, dee si knapps zwee Joer no dem Vote vum Gesetz ausgemaach hunn, sinn déi zwou Parteien, déi déi nei Regierung gebilt hunn, iwwereneekomm, datt dat Gesetz vun 2004 méiglechst séier revidéiert soll ginn, an dat mat deem duebelen Zil, fir méi Kloerheet a fir méi einfach Prozeduren ze suergen. Zitat: „...fir datt verschidde reng administrativ Hënnernesser, déi net dat Geréngst zur Protektioun vum Privatliewen an zu den individuelle Fräiheete bäidroen, aus der Welt geschafe ginn."

D'Richtung war domat kloer virginn. Mä op der Arrivée ware mer domat nach laang net ukomm. Et sollt sech an deenen dräi Joer duerno erausstellen, datt een net einfach esou um Dateschutz schnëppele kann, ouni ëmmer erëm ze riskéieren, mat de Perséinlechkeetsrechter vum Eenzelnen ze kollidéieren. Esou munches, wat an der Praxis aliichtend geschéngt huet, huet sech ganz séier als e méiglechen Iwwergréff op d'Privatsphär erausgestallt an d'Verdeedeger vun den individuelle Fräiheeten op de Plang geruff.

Eleng dee Pingpongsmatch tëscht dem Législateur an dem Statsrot an deem leschten hallwe Joer weist, wéi delikat deen Dossier ass. Bei jiddfer Schrëtt op deem dënne Seel, op deem sech de Législateur beweegt huet, huet hie riskéiert, entweder an den Exzess vun der Fräiheetsbeschränkung oder an dee vun der kontraproduktiver Iwwerreglementéierung ze falen. An dee Spagat tëscht Prinzip a Praxis ass, wéi Dir elo wäert gesinn, nach ëmmer net ganz ausgestanen.

D'Regierung hat sech wéi gesot virgeholl, dat iwwerluedent Gesetz vun 2004 ze léiteren. Engersäits huet si un de Formalitéite geschnëppelt, déi deenen, déi mat Daten hantéieren, vum Gesetz operluecht ginn; anerersäits huet si probéiert de Flou aus verschiddenen Dispositioune vum Gesetz erauszehuelen.

Am Ufank war dru geduecht ginn, déi Revisioun am Zesummenhang mat dem Gesetz duerchzezéien, dat de Schutz vum Privatliewen am Beräich vun der elektronescher Kommunikatioun séchere soll an dat am Mee 2005 vun lech heibanne gestëmmt gouf. Mä vu d'Bedeitung an och de kriddeleche Charakter vum Dateschutz ass op déi Kombinatioun verzicht ginn, an de Kommunikatiounsminister huet dunn dëse separate Projet am Mäerz 2006 déposéiert.

Am Wesentleche geet et ëm zwee Objektiver. Objektiv Nummer 1: d'Vereinfachung vun de Formalitéiten. Hei geet et an éischter Hisiicht dorëm, d'Zuel vun den Datentraitementer op Computer, per Computer mat Video ze reduzéieren, déi vun der Dateschutzkommissioun autoriséiert musse ginn. Verschidde kriddelech Datenzorten, wéi déi aus dem genetesche Beräich oder awer d'Vernetzung vun Datebanken, bleiwe weiderhin der Autorisatioun duerch d'Kommissioun ënnerworf. Dat gëllt och fir d'Videosopzeechnung, net awer fir Iwwerwaachungskameraen ouni Opzeechnung, bei deenen elo, allerdéngs erëm mat Ausnahm, eng einfach Notificatioun un d'Dateschutzkommissioun duergeet.

Weider gëtt d'Lëscht vun den Ausnahme verlängert, déi elo iwwerhaapt net méi notifizéiert brauchen ze ginn. Dat hänkt ënner anerem domat zesummen, datt de Begréff vun der „notification simplifiée", am ale Gesetz deen ënneschten Träpplek vun der Iwwerwaachungshierarchie, ofgeschaf gëtt an datt doduerch déi betraffen Datenzorten no uewe géife rutschen, wat erëm eng Kéier net ugemiess wär. Elo bleiwen also nach just zwou Zorten Datentraitementer am Gesetz, entweder déi, déi autoriséiert musse ginn, oder déi, déi just der Iwwerwaachungskommissioun ze melle sinn.

Objektiv Nummer 2: d'Preziséierung vu verschiddenen Dispositiounen am Gesetz. Hei handelt et sech am Wesentlechen ëm dräi Sujeten.

Engersäits ginn d'Personnes morales, also d'Gesellschaften, där et jo nach ewell eng sëllechen am Donstkrees notamment vun eiser Finanzplaz ginn, aus dem Gesetz geholl; deem Gesetz, deem et jo nëmmen ëm d'Protektioun vun de perséinlechen Date geet. Dofir war jo och schonn an der Direktiv keng Rieds vun de moralesche Persounen.

Da gëtt d'Reglementatioun vun de Vernetzungen, also den Interconnexioune vun den Datendréier - oder Datebanken - doduerch vereinfacht, datt a gewëssene Fäll keng Erlaabnis méi néideg ass, mä et mat enger Notificatioun duergeet.

A schliesslech gëtt opgrond vun der Erfahrung an der Praxis akzeptéiert, datt den Dateschutzbeoptraagten - deen, deen am Betrib dat Ganzt iwwerwaache soll - zum Personal geheieren däerf, allerdéngs corrélaire; dofir muss hien dann en Urecht op eng gewësse Protektioun hunn, fir net ënner Drock ze geroden. Dat Beispill kenne mer vun de Betribsdelegéierten.

Här President, Dir sidd mer bestëmmt net béis, wann ech lech mat den Detailer verschounen. Dir fannt se souwisou am schréftleche Rapport, deen zimlech déck ausgefall ass, well d'Diskussiounen iwwert dëse Projet net nëmmen intensiv, mä och detailléiert waren; wat lech weist, datt déi, déi domat befaasst waren, sech et net liicht gemaach hunn.

Besonnesch interessant war dobäi de Meenungs- an Argumentewiessel tëschent Regierung, Statsrot a Parlamentskommissioun. Enn Januar huet de Statsrot säin éischten Avis ofgeliwwert, an dora war déi héich Kierperschaft net grad douce mat den Auteure vun där neier Versioun vum Gesetz ëmgaangen.

Eng ganz Rëtsch Ännerungsvirschléi um Gesetz vun 2002, déi d'Regierung an hirem Projet gemaach hat, hu keng Gnod am Statsrot sengen Ae fonnt. En huet villméi hannert munche vun deene proposéierten Allégementer an Arrangementer de Versuch gericht, hei sollt ënnert dem Virwand vun der Prozedurvereinfachung den Dateschutz opgeweecht ginn. De Statsrot huet kee Knuet doraus gemaach, datt fir hien d'Protektioun vum Individu eng absolut Prioritéit hätt an datt donieft och déi kontraproduktiivst Erfahrungen aus der Praxis net ofschrecke kënnen.

Op déi laang Lee vun Umierkungen, Kritiken a souguer offene Refusë vum Statsrot huet d'Chamberskommissioun Mëtt Mee mat enger net manner laanger Lëscht vun Amendementë geäntwert. Dobäi gouf wuel där enger oder anerer Remarque vum Statsrot Rechnung gedroen, mä am grousse Ganze louch d'Kommissioun éischter op der Regierungslinn, wat si dann och an 18 Amendementer ausgedréckt huet.

De virleefeg leschten Akt war dann den zweeten Avis vum Statsrot, deen e Freideg koum a mat deem sech Är Kommissioun dëse Méindeg auserneegesat huet.

An deem Avis ass de Statsrot op déi 18 Amendementer agaangen, déi d'Chamberskommissioun him am Mee virgeschloen hat, mä och dës Kéier hunn déi meescht dovu keng Gnod bei him fonnt. Bei engem huet hie souguer seng formell Oppositioun ugemellt. Wat dat heescht, brauch ech lech heibanne jo net ze molen.

Ëm wat goung de Sträit mam Statsrot? Mä fir d'éischt emol ëm d'Iddi, datt de Prinzip vum „silence administratif vaut refus", deen Der jo kennt, a säi Géigendeel ëmgekéiert soll ginn an d'Ausbleiwe vun enger Äntwert vun der Dateschutzkommissioun als provisoresch Akzeptatioun unzegesi wär, wat natierlech d'Prozedur vereinfachen an accéléréiere géif.

Zweetens sollt et der Jugeote vun der Dateschutzkommissioun iwwerlooss bleiwen, vu Fall zu Fall ze befannen, ob et sech ëm e besonnesche Risiko fir d'Rechter an d'Fräiheete vun de concernéierte Persounen handelt, an dann ze décidéieren, ob eng Autorisatioun noutwendeg ass oder ob eng Notifikatioun duergeet. Béides awer koum fir de Statsrot net a Fro a seng Reaktioun ass dann och entspriechend ausgefall.

An hirer Sëtzung virun dräi Deeg huet dunn Är Kommissioun hir Konklusiounen doraus gezunn. Wuel war si onveränert der Usiicht, datt hire Virschlag gehollef hätt, souwuel déi Vague vun Ufroen ze reduzéieren, mat deenen d'Dateschutzkommissioun iwwerschwemmt gëtt - am Moment kéipe sech 1.350 Demandë bei där Kommissioun -, wéi och de leedege Problem vum „silence administratif vaut refus" ëmzekippen.

Op där anerer Säit huet Är Kommissioun awer genausou drop gehalen, nach eng Kéier onmëssverständlech ze verstoen ze ginn, datt d'Protektioun vun de Perséinlechkeetsrechter och hir iwwer all aner Considératioune geet. Dofir - an nëmmen dofir - huet d'Kommissioun hiren ëmstriddenen Amendement Nummer 15 zréckgezunn an domat de Stee vun der Opposition formelle aus dem Wee geraumt.

Dir gesitt, datt dat hei keen einfachen Dossier ass an datt déi, déi mam Projet befaasst waren, sech et wierklech net liicht gemaach hunn. Dat huet Zäit an Nerve kascht, mä op där anerer Säit däerf een zefridden a souguer e bëssen houfreg sinn, wann ee gesäit, mat wéi vill Eescht an Engagement d'politesch Ausenanersetzung bei eis gefouert gëtt, an datt net liichtfankeg mat fundamentalen Aspekter vun eiser Gesellschaftsorganisatioun ëmgespronge gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, datt zu deenen „essentials" vun eiser Gesellschaft déi individuell Fräiheeten an de Schutz vun der Privatsphär geheieren, muss weiderhi fir eis alleguer ausser Zweifel stoen. Dat geet beim Dateschutz un an et hält beim Bankgeheimnis op, och wa béides ëmmer manner uechtert d'Welt respektéiert gëtt. Déi drolegsten Argumenter musse jo haut hierhale fir ze justifiéieren, wann d'Perséinlechkeetsrechter mam Fouss gerannt an déi individuell Fräiraim vun den „big brothers" uechtert d'Welt agepercht ginn.

Dat ass net op d'liicht Schëller ze huelen, esou nom Motto: Ech hunn näischt ze verstoppen, dofir léisst dat Ganzt mech kal. Mä et kann een dach net kalloossen, wann, wéi net méi spéit wéi gëschter bei eisen däitschen Nopere geschitt, et sech erausstellt, datt d'elektronesch Identifikatioun unhand vun deene biometresche Päss nëmmen a 60% vun de Fäll funktionéiert, an dat nach nëmme bei optimale Liichtverhältnisser.

Mir hu jo elo och esou Päss an domat 40% Chance ënnerwee, egal wou an der Welt, mat engem Terrorist verwiesselt ze ginn. Wat dat heescht, dat brauch ech lech och net ze molen; an domat Merci an eng schéi Vakanz.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Da kritt den éischte Riedner d'Wuert, dat ass den Här Santer. Wann ech gelift, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Patrick Santer *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Dateschutzgesetzer schéngen als leschte Punkt vun där leschter Chamberssëtzung virun der Vakanz abonnéiert ze sinn. 2002 hate mer och als leschte Punkt vun der leschter Chamberswoch am Juli den Dateschutz um Ordre du jour. Deemools huet d'Dateschutzdirektiv 95/46 missen ëmgesat ginn, well mer schonn, wéi den Här Rapporteur dat gesot huet, vum Europäesche Geriichtshaff condamnéiert goufen a virun engem zweete Recours stoungen, mat dëser Kéier finanzielle Strofen.

2002 hate mer keng einfach Aarbecht. Et goung drëm eis eng Dateschutzgesetzgebung ze gi mat engem horizontalen Uwendungsberäich. All Secteur war dovunner betraff, vum Gesondheetswiesen iwwert de Finanzsecteur, d'liberal Beruffer, déi Kleng- a Mëttelbetriber bis zum Stat, fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen.

Net nëmmen all Secteuren, mä och eng Onmass vu verschidden Zorte vun Donnéeën hu misse berücksichtegt ginn, vun Donnéeë vun enger Video- oder enger elektronescher Iwwerwaachung, Donnéeë vun der Justiz, déi vun der Press, Données sensibles, statistesch oder historesch Donnéeën, an net ze vergiessen dat Ganzt nach an en internationale Kader ze setzen, well d'Donnéeën an engem Land gesammelt an an engem aneren traitéiert ginn. Schlussendlech huet d'Gesetz vum 2. August 2002, wat mer haut ëmänneren, eng Dateschutzautoritéit an d'Liewe geruff.

Net nëmme war d'Matière vum Dateschutz keng einfach, mä mir haten zu Lëtzebuerg keng Erfahrung op dësem Gebitt. Den Dateschutz war 2002 eppes Neies. Natierlech hate mer e Gesetz vun 1979, mä dat Gesetz war zu enger Zäit ausgeschafft ginn, wou Computeren deemools nach grouss, deier, seele Maschinne waren.

Mir hunn och nach e Gesetz aus den 80er Joren iwwert d'Vie privée. Mä dat war et. Am grousse Ganze war den Dateschutz keng richteg Préoccupatioun. Date sinn traitéiert ginn. Date si gesammelt ginn. Date si verschéckt ginn, ouni datt ee sech ëm den Dateschutz bekëmmert huet.

Et gouf keng Dateschutzkultur zu Lëtzebuerg. An anere Länner, do hate se Gesetzgebungen, déi schonn 20 Joer al waren. Déi Zäit hate mer zu Lëtzebuerg net. Mir hunn 2002 missen do ufänken, wou am Ausland esou Bestëmmunge scho gang und gäbe waren. Fir eng Klammer opzemaachen, wat d'Gesetz vun 2002 ugeet: Déi meeschte Kritiker - déi virulentst Kritiker - sinn zimlech spéit mat hire Kritike komm, an zwar an der Woch wou de Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn ass, obwuel mer schonn iwwer 13 Sëtzungen an dräi Avisë vum Statsrot dozou haten. Klammer zou.

Virun zwee Joer hu mer dofir eng Motioun gestëmmt, wou mer d'Regierung invitéiert hunn opgrond vun den Erfahrungen, déi mam Gesetz vun 2002 gemaach gi waren, eventuell Vereinfachunge virzeschloen. D'Regierung ass eis entgéintkomm an huet, wat och am Regierungsprogramm stoung, de Projet de loi 5554, dee mer haut wäerten diskutéieren, op den Instanzewee gescheckt. Den Här Thiel huet a sengem schréftleche Rapport, an elo grad a sengem mëndleche Rapport, déi wichtegst Ännerunge virgestallt. Ech wéilt dofir dem Här Thiel Merci soen. Et hat kee Wäert dee Rapport nach eng Kéier virzedroen. Dat wär aus menger Siicht nëmmen Zäitverloscht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Dateschutz ass e wichtege Sujet. Esou wichteg, datt en an der Mënscherechtscharta vun der Europäescher Unioun als e Grondrecht opgefouert gëtt. Bis 2002 hate mer et eis einfach gemaach. An anere Wierder, mir hunn näischt gemaach fir den Dateschutz, obwuel d'Technologie Fortschrëtter gemaach huet an ëmmer méi Donnéeën traitéiert goufen.

2002 war et mat der Rou eriwwer. Wann ee Gesetz gestëmmt gëtt, da muss et och agehale ginn. Datt eis Dateschutzkommissioun am Ufank a vun deem Moment un, wou d'Dateschutzgesetz bekannt ginn ass, mat Notifikatiounen, Froen, Demandes d'autorisation iwwerrannt ginn ass, war normal. Wa mer zum Beispill keng Regelung am Finanzsecteur hätten a vun haut op muer géifen e Gesetz stëmmen, wouno all Acteur vun där Finanzplaz sech misst bei der CSSF umellen, da wier d'CSSF och séier iwwerlaascht. Dofir hu mer eng ganz Rëtsch vu Vereinfachungen, meeschtens prozeduraler Natur, am Dateschutzgesetz mat dësem Projet de loi abruecht.

Dat wëllt awer net heeschen, datt um personelle Plang näischt soll geschéien. D'Commission nationale pour la protection des données soll och weiderhi personell opgestockt ginn. Déi Vereinfachunge verléieren d'Zil vum Dateschutz als Grondrecht net aus den Aen. Et geet drëms, wéi dat bei de Sécherheetsfroen de Fall ass, en Equiliber ze fannen tëschent dem Dateschutz, dat heescht dem Schutz vun der Persoun, där hir Donnéeën traitéiert ginn, an der Realitéit, dem Fait datt eben Date mussen traitéiert ginn.

Laanscht den Dateschutz kënnt een net. Laanscht den Traitement vun Donnéeën och net. Mir si vum Statsrot kritiséiert ginn, well mer zum Beispill bei den Iwwerwaachungstraitementer, sief dat iwwert d'Kameraen oder op elektroneschem Wee, eng nei Prozedur wollten aféieren. D'Regierung hat virgeschloen de Prinzip „silence vaut refus" ëmzedréien, a „silence vaut acceptation" draus ze maachen. Gaangs koum eng Opposition formelle. Niewebäi gesot, a verschiddene Prozedure vun der Europäescher Kommissioun gëllt de Prinzip „silence vaut acceptation", déi esou dacks - heiansdo mat Recht, dacks zu Onrecht - kritiséiert europäesch Bürokratie kënnt also mat dësem Prinzip zurecht. D'Argumenter vum Statsrot waren awer stéchhalteg a mir hunn de „silence vaut acceptation" fale gelooss.

Dono hu mer nach ëmmer no engem europäesche Modell, an zwar dee vun der Prozedur vum Contrôle des concentrations, eng alternativ Prozedur virgeschloen, déi als Notifikatioun vum Iwwerwaachungssystem ufänkt an, wann d'Dateschutzkommissioun Problemer gesäit, zur Autorisatiounsprozedur iwwergeet. Eng nei Opposition formelle vum Statsrot.

Net datt mer géint déi europäesch Direktiv oder soss eng aner Direktiv géife verstoussen. Et ginn nämlech nëmmen dräi Länner mat Lëtzebuerg, déi eng Autorisation préalable bei Iwwerwaachungssystemer virgesinn. Neen. Déi zweet Opposition formelle war esou begrënnt - ech zitéieren de Statsrot -: «...dans le but de maintenir le niveau élevé de protection des données ultrasensibles visées en l'espèce.» Dat heescht, d'Iwwerwaachungstraitementer. Ech sinn net mam Statsrot averstanen. Dat wëllt awer net heeschen, datt ech fir eng onageschränkten Iwwerwaachung wier. D'Orientatiounsdebatt iwwert d'Sécurité intérieure vun der leschter Woch huet de Géigendeel bewisen.

Erlaabt mer zwou Remarquen zum Statsrot senger Positioun.

Éischtens, den Terme „ultrasensibles", fir dës Matière ze beschreiwen, ass falsch, besonnesch wann ee sech d'Dateschutzgesetzgebung ukuckt. Et ginn Données sensibles. Dat ass e consacréierten Terme. Dat heescht Donnéeën, där hir Traitementer, zum Beispill déi politesch reliéis, philosophesch Iwwerzeegunge vun der Personne

concernée erkenne loossen. Et gi keng Donnéeën, déi nach méi sensibel wiere wéi déi, déi vum Artikel 6 vum Gesetz festgehale sinn an déi engem ganz restriktive Regime, méi restriktiv wéi dee vun der Iwwerwaachung, ënnerleien.

Zweetens, et geet hei ëm Prozeduren. Natierlech kann een ëmmer soen, datt d'Prozeduren och en Impakt op d'Substanz hunn. Wat dës vun der Kommissioun virgeschloen a mat der Dateschutzkommissioun ofgesprachen alternativ Prozedur als Zil hat, war net d'Kontroll iwwert d'Iwwerwaachungssystemer méi large ze gesinn. Et goung drëms et der Dateschutzkommissioun ze erméiglechen, an engem kuerzen Délai gängeg oder fir d'Privatsphär net geféierlech Iwwerwaachungssystemer unzehuelen a sech op déi ze konzentréieren, déi Problemer stellen. Elo huet sech de Statsrot dëser Prozedur widdersat, aus Grënn mat deenen ech, wéi gesot, net averstane sinn. Mir bleiwen also bei der gängeger Autorisationsprozedur. Soit.

All Iwwerwaachungssystemer mussen also vun der Dateschutzkommissioun genehmegt ginn. A wa se dat net sinn, mussen d'Bedreiwer mat Konsequenze rechnen. Wéi d'Strofe sinn - oder déi „interdiction d'exploiter" esou e System - sinn am Gesetz festgehalen. Mir kennen och d'Beispill vun der Kamera, déi d'Post installéiert hat um Aldringer an déi net genehmegt war. Kontrolle sollen organiséiert ginn, an an der Dateschutzkommissioun - an ech widderhuele mech - soll personell weider opgestockt ginn.

Vu déi exponentiell Multiplikatioun vun den Iwwerwaachungssystemer - an déi franséisch Dateschutzkommissioun huet dat virun e puer Deeg ugeprangert -, brauche mer onbedéngt bei de Bedreiwer vun dëse Systemer a bei de Leit och eng Prise de conscience. Esou huet de President vun der franséischer Commission nationale de l'informatique et des libertés gesot: « L'innovation technologique est à la fois porteuse de progrès et de dangers (...). Les individus sont tentés par le confort qu'elle procure, mais ils sont peu conscients des risques qu'elle comporte. Ils ne se préoccupent guère de la surveillance de leurs déplacements, de l'analyse de leurs comportements, de leurs relations, de leurs goûts.»

D'Leit musse wësse wat dat bedeit klammheimlech oder net gefilmt ze ginn. Wat geschitt mat dësen Opzeechnungen? Zu welchem Zweck gi se genotzt? Mir däerfen eis net zu enger Iwwerwaachungsgesellschaft oder iwwerwaachter Gesellschaft entwéckelen. Ech sot „Gesellschaft" an net „Stat", well och d'Privatbedreiwer Iwwerwaachungssystemer opstellen, an net nëmmen de Stat. An déi gëllt et och, och wa se e legitimen Zweck hunn, mat de Konsequenze vun enger net Umellung oder net Genehmegung ze responsabiliséieren.

Um gesetzleche Plang ass et mam Dateschutzgesetz net eleng gedoen. Zum Beispill eist Aarbechtsrecht muss sech och upassen a Bedingungen operleeën, zum Beispill wat d'Géolocalisatioun ugeet. D'Géolocalisatioun huet seng Virdeeler; zum Beispill e besseren Dispatching vu Liwwerween oder Taxien, oder e bessere Service fir de Client, dee kann iwwer Internet kucke wou seng Bestellung drun ass. Mä dat sinn och Iwwerwaachungssystemer, déi eng Surveillance, eng Iwwerwaachung vum Salarié duerstellen an net einfach esou kënnen ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Ännerung vum Dateschutzgesetz ass et net gemaach. D'Gesetz muss regelméisseg un déi technologesch Fortschrëtter ugepasst ginn. D'Erfahrunge mam Ëmgang mam Dateschutzgesetz an déi ufänglech Dateschutzkultur, déi mer opbauen, musse berücksichtegt a weider kultivéiert ginn. Opgrond vun der Zilsetzung, déi mer heimadder verfollegen, ass et derwäert. A vläicht wäerte mer, wa mer d'Gesetz vun 2002 nach eng Kéier mussen oder wëllen ëmänneren, et esou maachen, datt mer net nach eng Kéier d'Dateschutzdiskussioun um leschte Punkt vum leschten Dag virun der Julivakanz am Plenum hei wäerte maachen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Santer. Den nächste Riedner ass den Här Grethen. Dir musst entschëllegen, de Mikro ass ausgefall.

Une voix.- D'Kamera geet awer nach.

M. le Président.- Dir sidd voll an der Kamera, Här Grethen.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt meng Félicitatiounen un de Rapporteur, deen an enger aussergewéinlecher Fläissaarbecht bannent Stonnen e Rapport vun iwwer 50 Säite virgeluecht huet. Dat ass eng Prouesse, déi een hei muss ënnersträichen. An och a sengem mëndleche Rapport ass en en détail op e Projet agaangen, deen d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun fënnt, och wann en eis a verschiddenen anere Fassunge besser gefall huet.

Wann een d'Charge administrative wëllt erofsetzen a wann een dorun denkt, dass d'Regierung an enger éischter Etapp eigentlech de Prinzip, dee mir besonnesch um Häerz läit, dee seet, le silence de l'administration vaut accord - Här President, ech hunn eng deementspriechend Proposition de loi viru Joren abruecht an ech stinn och nach ëmmer zu där -, da bedauert een desto méi, dass de Conseil d'État hei souwuel zum éischten Text vun der Regierung wéi och zum Text, deen d'Chamber herno ausgeschafft hat, eng Opposition formelle bruecht huet.

An, Här President, dat bréngt mech erëm zu mengem ceterum censeo: Hei ass de Conseil d'État menger Iwwerzeegung no eendeiteg iwwert dat erausgaangen, wat eigentlech tëschent den Institutiounen ofgemaach ass. An ech wär frou, wann une fois pour toutes géif gekläert ginn an, wann et noutwendeg wär, wa mer och d'Gesetz iwwert de Conseil d'État géifen ëmänneren, wéini déi héich Kierperschaft eigentlech soll eng Opposition formelle ausspriechen. Ech hat gemengt, tëschent den Institutioune wär kloer, dass eng Opposition formelle vum Conseil d'État nëmme géif ausgesprach ginn, wann entweder en Text géint d'Verfassung oder géint d'internationaalt Recht géif verstoussen.

Hei awer, an dem Amendement 15 vun der Kommissioun, deen erëm eng Kéier eng Opposition formelle vum Statsrot fonnt huet, geet et weder ëm eis Verfassung nach ëm internationaalt Recht. Hei ass et eng politesch Fro. An et deet mer leed, ech hunn et schonn oft gesot, och wann de Conseil d'État, déi héich Kierperschaft, an eisem institutionelle Gefüge eng besonnesch Stellung huet, esou ginn ech net midd dorun ze erënneren, dass et jo awer d'Emanatioun vun engem Putsch war, deen den deemolege Roi Grand-Duc gemaach hat, an dass dee Kompromëss, dee mer Enn der 90er Jore fonnt hunn, mir och deemools nach net Satisfaktioun ginn huet.

Ech hätt och duerfir, Här President, léiwer gehat, d'Chamber, d'Majoritéit vun der Kommissioun wär mat mir op de Wee gaange vun enger éischter Lecture vun dësem Text a mer wäre bei eiser Propositioun bliwwen. Dat hätt dësen Text net laang opgehalen. Mir hätte missen an dräi Méint eng zweet Lecture maachen an da wär deen Text duerchgaangen, wéi et eigentlech déi unanime Décisioun vun der zoustänneger Chamberskommissioun war.

Nu gutt, d'Majoritéit huet gemengt, et soll een net op dee Wee goen. Dat ambitiéist Zil vun der administrativer Vereinfachung hu mer also net voll erreecht. Dëst Gesetz vereinfacht och d'Prozeduren an et entlaascht de Centre national de la protection des données, wat alles Ziler sinn, deene mir als Fraktioun nëmme kënnen d'Zoustëmmung ginn.

Doduerch, Här President, soll awer net den Androck entstoen, dass mir géifen als Partei enger méi larger Handhabung vun der Dateschutzgesetzgebung zoustëmmen. Däerf ech dorun erënneren, dass dat am Widdersproch wär zu deem, wat meng Fraktiounskolleegin, d'Madame Flesch, d'lescht Woch op dëser Tribün an Zesummenhang mat der Sécurité intérieure gesot huet?

Däerf ech och dorop hiweisen, Här President, dass mat dësem Projet de loi de Centre national de la protection des données méi Ressourcë kritt, fir seng net administrativ Aufgaben ze iwwerhuelen? Ech géif mer wënschen, dass de Centre duerch dëst Gesetz senger Kontrollfunktioun besser kéint gerecht ginn.

Däerf ech drun erënneren, Här President, dass meng Fraktiounskolleegin, d'Madame Flesch, d'lescht Woch e Contrôle vun der Surveillance gefuerdert huet an dass den zoustännegen Direkter vum Centre an engem Interview, deen am Périodique „Forum" publizéiert ginn ass, ënnerstrach huet, dass e wéilt am Beräich vum Dateschutz eng Coreguléierung duerchsetzen, andeem d'Acteuren um Terrain selwer agesi wéi wichteg den Dateschutz ass a sech doduerjer un d'Regelen halen.

Här President, dat sinn ambitiéis Ziler, an ech wär frou wann deen zoustännege Centre géif deenen Ziler gerecht ginn.

Wéi gesot, Här President, schwéieren Häerzens - schwéieren Häerzens! - wäerte mir dësem Text, dee méinst der Opposition formelle vum Conseil d'État net esou ambitiéis ausgefall ass, wéi mir eis dat gewënscht hunn, trotzdeem eis Zoustëmmung ginn. An iergendwann hoffen ech, dass dës Chamber oder eng nächst Chamber maans genuch ass, fir sech vis-à-vis vum Conseil d'État duerchzesetzen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Den nächste Riedner ass den Här Roland Schreiner. Här Schreiner, wann ech gelift.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt emol och ugefaange mat engem häerzleche Merci un de Rapporteur, den honorabele Kolleeg Lucien Thiel, fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. E Rapport, deen op eng ganz detailléiert Aart a Weis déi net einfach Problematik sach- a fachgetrei erëmgëtt.

Et ass scho gesot ginn, de Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, soll jo entspriechend der Regierungserklärung vum August 2004 d'Dateschutzgesetz aus dem Joer 2002 am Sënn vun enger Vereinfachung vun de Prozeduren änneren, fir op déi Manéier d'Aarbecht vun der nationaler Dateschutzkommissioun ze erliichteren a fir d'Dossieren, déi agereecht ginn, méi zügeg kënnen ze traitéieren, ouni awer gläichzäiteg de Schutz vun den Daten an der Privatsphär a Fro ze stellen.

Et ass effektiv esou, dass vill bürokratesch an administrativ Formalitéite sech zënter dem Akraafttriede vum Gesetz vun 2002 als net onbedéngt noutwendeg erwisen hunn. Duerfir ass et och gutt, dass mer elo Vereinfachunge kréien, ouni awer dobäi fundamental Rechter, wéi zum Beispill de Respekt vum Privatliewen, anzeschränken.

Ech mengen dass dëst Gesetz dat delikat Spagat, dat et mécht, ganz gutt fäerdeg bréngt; e Spagat tëschent dem Schutz vun de Rechter an de Fräiheete vun de Leit an den Intérêtë vun deem, deen d'Modalitéiten an d'Finalitéite vum Traitement vun den Donnéeë festleet.

Mir sinn duerfir och als Fraktioun mat der Grondausriichtung vun dësem Text d'accord, well en trotz alle Vereinfachungen nach ëmmer d'Privatsphär an d'Rechter vun de Bierger virun alles anescht setzt.

Ech wëll awer vläicht nach eng Kéier d'Aufgab vun engem modernen Dateschutzgesetz an Erënnerung ruffen, esou wéi mir et verstinn a wéi mer et och schonn 2002 bei der Diskussioun vum deemolege Gesetzesprojet zum Ausdrock bruecht hunn. Éischtens emol muss den Dateschutz effektiv sinn. Dat heescht, e muss op wesentlech Bedrohunge reagéieren an e muss enger ganz wierksamer Kontroll ënnerleien.

Zweetens muss den Dateschutz risikogerecht ëmgesat ginn, dat heescht, de Schutz muss an enger vernetzter, enger all Beräicher ëmfaassender Dateveraarbechtung nach ëmmer garantéiert bleiwen.

Drëttens muss deen Dateschutz verständlech sinn, dat heescht, e muss einfach, iwwersiichtlech a kloer strukturéiert sinn.

A véiertens muss den Dateschutz och attraktiv sinn. Den Opwand, dat heescht d'Flichten, d'Gestioun, d'Zäit an d'Geld, déi ee leeschte muss, mussen och an engem vernünftege Verhältnis zum Ertrag stoen. Den Ertrag, dat heescht d'Selbstbestëmmung, d'Vertrauen an d'Sécherheet, déi een duerch dëse System kréie kann.

Här President, d'Gesetz vun 2002, wat mer elo haut hei ëmänneren, entsprécht sécher net all dëse Kritäre vun engem modernen an engem wierksamen Dateschutz - dat ass schonn hei gesot ginn. Et huet sech a ganz ville Punkten als ze vill contraignant erwisen, an duerfir ass et gutt, dass et ugepasst gëtt. D'Gesetz vun 2002 huet sech am Alldag och net richteg duerchgesat. Ganz oft och, well de Bierger et oft net verstanen huet, well verschidden Dispositiounen einfach ze exzessiv sinn oder och well et der Dateschutzkommissioun net ëmmer méiglech war, déi noutwendeg Opklärungsaarbecht ze leeschten. Well et ass wichteg, dass een och opkläert driwwer, wat den Dateschutz ass, firwat en do ass, wéi en ëmgesat gëtt, wéi en assuréiert gëtt. Et ass wichteg dofir, dass een opkläert, dass een informéiert an dofir suergt, dass duerch déi néideg Mechanismen d'Ausféierung vum Gesetz och tatsächlech a letztendlech stattfënnt.

Amplaz d'Bierger op den Dateschutz ze sensibiliséieren, hat d'Dateschutzkommissioun no e puer Méint schonn e puer dausend Dossieren op hire Pulter leien. Domat war d'Kommissioun, déi ganz sécher eng ganz gutt Aarbecht mécht, natierlech iwwerfuerdert, och well se personell net an der Lag war an ass fir déi vill Demanden an Dossieren en temps utile ze traitéieren.

Den Ofbau vun enger Rei vun onnéidege bürokratesche Virgäng wäert dës problematesch Situatioun sécher elo hëllefen ze entschäerfen. Vill Kategorië vun Datebehandlung, dat ass scho gesot ginn, mussen an Zukunft guer net méi bei der Kommissioun notifiéiert ginn. Dat ass richteg a gutt esou an deene Fäll, wou d'Praxis erginn huet, dass verschidde Kategorië vun Daten, déi bis elo hu missen notifiéiert ginn, éier se konnte behandelt ginn, keng Valeur ajoutée bréngen am Hibléck op méi Schutz vum Privatliewen a méi Respekt vu verschiddene Grondfräiheeten.

Aner Traitementer, wéi zum Beispill de Monitoring oder d'Daten, déi vun de Gesondheetsservicer traitéiert ginn, mussen net méi wéi bis elo op eng Autorisation préalable vun der Kommissioun waarden, mä brauche bei dëser nach just notifiéiert ze ginn. Hei kréie mer also eng wesentlech Vereinfachung vun de Prozeduren, déi och effektiv opgrond vun deenen Erfahrungen, déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn, e Sënn mécht. D'Grondrechter ginn natierlech doduerch net ugetaascht. Dofir ass et och wichteg ze soen, dass den Traitement vu besonnesch sensibelen Daten, wéi zum Beispill geneteschen Daten oder Daten, déi bei Videoiwwerwaachungen enregistréiert goufen oder ginn, weiderhi musse vun der Kommissioun autoriséiert ginn.

Bon, wat d'Vidéosurveillance ugeet, dee Volet ass hei scho behandelt ginn, esou hate mir schonn 2002 gesot, dass ee muss mat enger ganz grousser Virsiicht un dee Punkt do erugoen. An där Logik kann een och eigentlech de Statsrot verstoen, wann e bei sengem Prinzip „silence vaut refus" bleiwe wëllt, dat ëmsou méi déi materiell a personell Insuffisancë vun der Kommissioun mat als Argument opgefouert goufen, fir an dësem Punkt Erliichterungen ze maachen.

Meng Virriedner hu scho gesot, dass mer an der Kommissioun eng Kompromëssléisung op deem Punkt fonnt haten, déi eiser Meenung no och e Wee hätt kënne sinn - an déi mer jo och mat ënnerstëtzt hunn -, fir den Intérête vun deenen engen an och de Suerge vun deenen aneren entgéintzekommen. Mir hunn eis et och dofir, mengen ech, an der Kommissioun alleguer, iwwert d'Parteigrenzen ewech, net einfach gemaach, fir déi Léisung auszeschaffen. An och d'Dateschutzkommissioun hätt kënne mat där Propositioun ganz gutt liewen. De Statsrot huet awer d'Rigueur weider walte gelooss a war zu kenger Konzessioun op deem Punkt bereet.

Dat kann een elo bedaueren. Et ass awer grondsätzlech, wann een op de Fong zréckgeet, net falsch, wann een e maximalen Dateschutz hu wëllt. Et wier effektiv schonn e bëssen delikat, wann een zum Beispill iergendwou eng Kamera installéiere kéint, déi Biller enregistréiert, ouni dass d'Kommissioun virdrun déi entspriechend Demande explizit analyséiert hätt, fir sécherzestellen, dass do keen Abus geschitt.

Et ass wouer, dass, ausser Portugal, Griichenland an Éisträich, all déi aner EU-Länner vill méi eng large Gesetzgebung an deem Punkt hunn a méi op de Contrôle a posteriori setzen. Et ass awer och kloer, dass déi méi restriktiv Virgehensweis méiglech Abusen éischter verhënneren an dès le départ och ënnerbanne kann.

D'LSAP begréisst dann och, dass d'Protection des biens an dëst Gesetz agefloss ass, och op Propositioun vun der Chamberskommissioun. Dat mécht Sënn a wäert et erméiglechen, dass op eenzelne Plazen d'Zuel vun den Déifställ a vun den Akte vu Vandalismus reduzéiert kënne ginn. Hei gëtt domadder och eng Lacune geschloss, well bis elo konnt d'Dateschutzkommissioun ganz oft Autorisatiounen, fir Iwwerwaachunge virzehuelen, net erdeelen, obschonn d'Demandë berechtegt waren an och d'Moyenen, déi agesat sollte ginn, net exzessiv waren, ganz einfach well d'legal Basis dofir net bestanen huet.

Här President, mat dësem Gesetz kritt d'Dateschutzkommissioun elo méi Méiglechkeeten, hir Aarbechten nach méi effikass maachen ze kënnen, wéi dat bis elo de Fall war. Mä d'Vereinfachung vun de Prozedure geet awer eleng net duer. D'Kommissioun muss

virun allem och méi Personal zur Verfügung gestallt kréien - an de Minister huet dat jo och schonn an der Kommissioun ugekënnegt -, fir dass se an Zukunft hir Missioun, déi net nëmmen aus Autorisatioune verdeelen a kontrolléiere besteet, mä virun allem och aus Opklärungsaarbecht bestoe soll, besser erfëlle kann.

Wa mer en effizienten a maximalen Dateschutz wëllen, da musse mer eis deen och eppes kaschte loossen a mir mussen eis och déi entspriechend materiell a personell Moyenë ginn, fir dat realiséieren ze kënnen, esou wéi mer eis et virstellen.

An deem Sënn ginn ech heimat dann och d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. D'Wuert huet den Här Félix Braz.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Mir wëllen aganks och dem Rapporteur Merci soen, dee sech an deene leschte puer Deeg méi wéi eng Kéier huet misse ploen, well mer jo an enger relativ sportlecher Prozedur nach de Projet virum Summer an d'Plénière bruecht hunn.

Déi gréng Fraktioun huet sech och e bësse schwéiergedoe mat der Fro, wéi mer da schlussendlech iwwert deen Text ofstëmme sollten. Engersäits ass den Text eigentlech - an ech wäert dat herno nach développéieren - vu sengem Grondopbau net an där Philosophie, wou mir gemengt hunn, dass een et och hätt kënnen diskutéieren, eng, déi méi no bei där ass, déi de Statsrot développéiert huet. Op där anerer Säit, mengen ech, hu mer eis alleguerten effektiv - et ass och scho virdru gesot ginn - iwwert d'Parteigrenzen, déi hei keng waren, ewech beméit, fir Kompromësser ze fannen. An et ass och keen Text, wou elo Saache géifen drastoen, déi skandaléis wieren oder déi eng Attack op iergendwellech Grondrechter géife bëinhalten.

Mir wäerten eis awer schlussendlech enthale beim Vote a mir wäerten och elo nach développéiere woufir. Mä domat wëlle mer, wéi gesot, net ënnerstellen, dass den Text u sech ee wär, dee virulent bekämpft gi misst. Där Dispositioune sti keng dran. Mä et ass aus anere Grënn, wou mer mengen, dass dat heite wuel deen zweete Worf ass an Zäit vun elo fënnef Joer, zënter 2002, wou mir awer mengen, dass et och net dee leschte Worf wäert sinn, an dass mer net eréischt an zéng oder 15 Joer nach eng Kéier wäerten un den Text goen, mä méi wéi wahrscheinlech scho méi fréi. A vläicht kënne mer dann och dee Moment als gréng Fraktioun d'Zoustëmmung zum Text ginn.

D'Revisioun vum Text ass geschitt, well den Text vum 2. August 2002 esou schwéier applicabel soll sinn, an d'Regierung huet an der Regierungserklärung eben ugekënnegt, dass se do wéilt d'Prozedure vereinfachen.

Mir sinn der Meenung, dass de Wee, dee probéiert gëtt, fir d'Gesetz méi liicht applicabel ze maachen, deen op ville Plazen aus dem Passage vun der Prozedur vun der Autorisatioun eriwwer bei d'Notifikatioun besteet, ee méigleche Wee ass. Eiser Meenung no wär et awer och eng méiglech Äntwert gewiescht, fir ze soen, wa mer Schwieregkeeten hu bei der Applikatioun vum Gesetz, well et zu Retarde kënnt - an ech wëll just eng Zuel erwähnen, déi, déi de President vun der nationaler Dateschutzkommissioun an der Kommissioun selwer genannt huet, eleng bei den Demandë fir Kameraen opzestellen; et leie praktesch 1.500 Demanden do, déi nach keng Äntwert kritt hunn.

Déi Äntwerten, déi mer elo am Gesetz probéieren ze ginn, hunn eigentlech och als Zil - dat ass zumindest eisen Androck - oder als Resultat, dass haaptsächlech probéiert gëtt, de Verwaltungsopwand fir d'Commission nationale ze reduzéieren. Wou awer fir all d'Demandeuren eng Simplificatioun entsteet, dat ass eis bis haut nach schleierhaft. Dat war awer eigentlech dat, wat gesot gi war, dass déi Leit, déi d'Gesetz benotzen, d'Usagere vum Gesetz also, Schwieregkeete mat der Applikatioun vum Gesetz hätten; et wär an de Betriber, bei de Privatleit schwiereg.

En fait, wa mer d'Mesurë kucken, déi mer elo ergräifen, si se vill méi, fir net ze soe bal exklusiv am Beräich vun der Vereinfachung vun der Aarbecht vun der Kommissioun, amplaz an der Vereinfachung vun den Démarchë fir d'Usagere vum Gesetz. An dofir soe mer, dass déi Philosophie, déi mer hei iwwerholl hunn, déi de Statsrot och bemängelt a wou mir och mengen, dass et en anere Wee gi wär, och hätt kënnen doranner bestoen, dass een d'Gesetz diskutéiert an Termë vun „Wat wären dann déi administrativ Moyenen, déi ee misst verstäerken, fir kënnen zu räsonnabelen Délaien a räsonnabelen Äntwerten ze kommen?" Méi Leit ass och eng Äntwert, amplaz nëmmen d'Prozeduren an d'Aarbecht ze erliichtere vun der Kommissioun selwer.

Ënnert dem Strëch maache mer jo elo schlussendlech e bëssen eppes vu béidem. Gell, den Départ war jo eigentlech dee fir ouni méi Personal auszekommen. Dat war d'Absicht vun der Regierung. Mir hunn awer en cours de route, notamment spéitstens bei der Opposition formelle, déi de Statsrot an de leschten Deeg nach gemaach huet, dann awer missen op de Wee goen, vläicht méi wéi d'Regierung et wëlles hat, fir mat verstäerktem Personal och ze probéieren d'Froen ze beäntwerten. An där Logik do hätte mir gären d'Diskussioun op dësem Projet méi gefouert, well mer da vläicht zu anere Solutiounen nach hätte kënne komme wéi déi, déi mer elo am Text stoen hunn.

D'Beispill, wéi gesot, vun de Kameraen, déi elo do sinn, do hu mir vun Ufank un och mat deem Virschlag vun der Regierung e Problem gehat - den Här Grethen huet dat elo grad nach eng Kéier verteidegt -, fir ze soen, eigentlech hätt ee kënnen akzeptéieren, dass „silence vaut accord". Wann also eng Demande gestallt gëtt an d'Kommissioun sech net reegt an näischt seet, da wär dat implicitement och en Accord fir déi Kameraen opzestellen. Domat hate mir e Problem, well mer wierklech gemengt hunn, dass et an dëser Matière, déi awer eng delikat Matière ass, net ka sinn, dass déi zoustänneg Instanze sech net brauchen ze äusseren. Och dat hat de Statsrot soulevéiert.

Mir hunn eis awer och beméit an der Kommissioun en Text opzestellen, wou mer dann alleguerten eigentlech gemengt haten, dass deen operationell si kéint an trotzdeem deene Prinzipien do Rechnung droe géif. De Statsrot huet dat awer op deem Punkt do anescht gesinn, obwuel mer jo den „silence" eraus haten; well dat war jo d'Haaptkritik an enger viregter Etapp vum Statsrot gewiescht. Dee Silence vun der Kommissioun hu mer gestrach kritt. Mir hunn eng Prozedur gemaach, déi wuel eng nuancéiert war, mä trotzdeem eng, wou et keen „silence" méi gouf.

Bon, de Statsrot huet dat herno anescht gesinn, och aus senger Logik eraus. Ech muss och soen, dass dat net falsch ass an eisen Aen, wat en do seet, quitte dass mer op deem dote Punkt gemengt hunn, dass deen Text, dee mer zesumme fonnt haten, och een hätt kënne sinn, dee praktikabel gewiescht wär an och déi Prinzipien do respektéiert hätt.

Mä onofhängeg vun der Prozedur ass déi gréng Fraktioun der Meenung, dass d'Opstelle vu Kamerae keng Regel däerf ginn. Et däerf net zu enger Banalitéit ginn. Allerdéngs muss ee festhalen, dass d'Realitéit dobaussen eng aner schéngt ze sinn, an och wa mer déi Saachen hei ënnersträichen - an net nëmmen am Ausland, mä och zu Lëtzebuerg -, esou gëtt de Recours op Kamerae fir all Forme vun Iwwerwaachung ëmmer méi eng Solutioun, déi net nëmmen am öffentleche Raum, mä och bannent de Betriber an op anere Plaze genotzt gëtt.

Esou dass deen Appel sech eigentlech elo méi un d'Kommissioun riicht, fir an hirer Applikatioun vum Gesetz dofir ze suergen, dass dat, wat eng Banalitéit gëtt bei der Demande, net eng Banalitéit gëtt bei der Autorisatioun fir se och kënnen opzestellen. Mä et stellt een einfach fest, obwuel vill Leit Bedenken hunn an obwuel jiddferee sech net wëllt an all senge Liewenslagen iwwerwaacht fillen, obwuel jiddfereen dat gären op de Minimum reduzéiert hätt, dass d'Zuel vun Demandë fir déiselwecht Kameraen opzestellen am selwechte Mooss praktesch awer an d'Luucht geet.

Do huet d'Kommissioun e wichtege Rôle ze spillen, fir d'Balance ze fannen tëschent deem dote Bedürfnis, der praktescher Applikatioun, dem prakteschen Notze vun de Kamerae fir déi, déi de Souci hunn, an op där anerer Säit der Protektioun vun de Rechter. Dat ass eng Aarbecht, déi eiser Meenung no vun der Kommissioun muss bei all Kamera gepréift ginn. Dofir si mer och frou, dass mer en Text schlussendlech dran hunn, dee sech ewechbeweegt huet vun deem initialen Text op där doter Fro, well mer einfach den „silence" als gréng Fraktioun net hätte kënnen ënnerstëtzen. A mir hunn eigentlech Vertrauen an d'Kommissioun, dass se probéieren déi Aarbecht do an Zukunft gutt ze maachen, mä et gëtt keng einfach Aarbecht, well d'Demanden effektiv an enger relativ héijer Zuel virleien.

Dofir d'Fro, déi mir un de Minister och hunn, ass fir eis dann ze soen, opgrond vun deem Text, dee mer haut stëmmen, a wéi enger Gréisstenuerdnung dass d'Regierung gedenkt - an a wéi engen Délaien! - d'Personal vun der Kommissioun opzestocken; wat jo am Moment eng rudimentaire Equipe bal ass, eng ganz kleng Equipe, déi viru fënnef Joer bei null ugefaangen huet.

An et ass wesentlech, dass de Minister eis dorop eng Äntwert gëtt, well vun där Äntwert hänkt et nämlech of, wéi séier dass mer kënnen éischtens déi Retarden opschaffen, déi et gëtt. Well déi 1.500 Demandë ginn net duerch de Vote vun engem neie Gesetz zréckgezunn. Déi 1.500 Demandë bleiwen unhänglech, och wann dëst Gesetz gestëmmt ass. Déi mussen also nach ofgeschafft ginn an et komme weiderer derbäi. Et hänkt also elo un der Ausso vun der Regierung, wéi se gedenkt d'Personal opzestocken, wéi séier dass an Zukunft déi Demandë kënnen traitéiert ginn, mat enger Jo-Äntwert oder mat enger Neen-Äntwert. Mä trotzdeem ginn déi Demanden net zréckgezunn, och net doduerch, dass en neit Gesetz gestëmmt gëtt.

En anere Punkt - an och dat ass eppes, wou mir vläicht gäre méi driwwer diskutéiert gehat hätten, wou mer mengen, dass et bei engem drëtten Ulaf da vläicht kéint klappen dann esou e Gesetz ze hunn -, dat ass eben déi Fro, an do si mer eigentlech mat der Analys vun der Regierung d'accord, déi selwer seet, d'Virstellung, dass een an dëser Matière, wou jo Milliarde vun Donnéeën, Abermilliarde vun Donnéeën eleng zu Lëtzebuerg all Dag produzéiert, verschéckt an ausgetosch ginn, a mat engem System, dee reng op Kontroll berout, kéint eens ginn. Dat kann net klappen, egal wéi grouss mer déi Kommissioun maachen. Déi Aufgab ka se net stemmen.

Et ass also noutwendeg, dass ee probéiert mat anere Methoden, nämlech deene vun der Iwwerzeegung an der Informatioun, wierklech eng Kultur vun der Protektioun vun den elektroneschen Donnéeën an d'Land an an d'Betriber eranzekréien. Dofir brauch een dann awer och eng Strategie a Moyenen: finanzieller, personeller.

Och dat si Saachen, déi eiser Meenung no hätte kënnen an d'Gesetz afléissen, wéi een un deene Methoden an Instrumenter do schafft, fir déi Kultur vun der Protektioun vun den Données personnelles wierklech an d'Käpp vun de Leit eranzekréien: a) fir dass d'Leit dat emol wëssen, an och b) fir ze wëssen, wou se sech da kënnen hiwenden, wa se d'Gefill hunn et wär e Problem; well d'Existenz vun der CNPD ass och nach laang net fir jiddfereen am Land e Begréff. Et ass also net domadder eleng gedoen, dass een d'Leit och géif sensibiliséiere fir déi Matière. Et misst een de Leit och nach kënnen hëllefen an hinne soen, wou se sech da kënnen hinorientéieren an ënner wéi enger Form, fir kënnen eventuell Douten, déi se hunn, ze soulevéieren an eventuell souguer, wa se da berechtegt waren, Satisfaktioun op hiren Douten ze kréien.

An deen doten zweete Volet vun der Kultur vun der Protection des données, wou mer wierklech mat méi Iwwerzeegungsaarbecht musse schaffe wéi mat Kontroll, dat bleift ëmmer nëmme fir déi graffsten Aspekter, fir déi visibelst Aspekter eng adequat Äntwert. Am rengen Alldag ass et net mat Kontrollinstrumenter machbar. Do brauche mer wierklech eng aner Approche wéi mer mateneen ëmginn, och op deene Froen do vun elektroneschen Donnéeën. Eigentlech hätte mer och gären an dësem Gesetz scho méi wäitgehend Äntwerte gehat bei de Prozedure respektiv bei de Moyenen, déi dofir zur Verfügung gestallt ginn, de Leit entgéintzekommen, an och eben déi Sensibiliséierung do ze maachen.

Dofir soe mer am Résumé, dass mer no laangem Iwwerleeën eis bei dësem Text haut wäerten enthalen. Mir ginn awer dovunner aus, dass mer eis wäerten an net allze laanger Zukunft eng drëtte Kéier mat dëser Matière musse beschäftegen an ofginn. An da gi mer d'Hoffnung net op, dass mer bei deem drëtte Worf en Text hunn, dee wierklech net nëmme praktikabel, mä och nach komplett ass a senger Démarche. An dann hoffe mer, dass mer dee Moment kënnen d'Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Dann huet den Här Henckes d'Wuert gefrot. Här Henckes, wann ech gelift.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och meng Remerciementen un de Rapporteur, den Här Thiel. Ech mengen, et ass e ganz komplexe Projet de loi, an dofir war ech frou fir säi Rapport ze liesen an och hei an der Chamber ze héieren.

Et ass evident, datt et eng éternelle, eng éiweg Diskussioun wäert sinn, wéi wäit ee muss Données nominatives fräi ginn, wéi wäit ee se ka gebrauche fir Sécherheet, an op där anerer Säit wéi wäit ee soll d'individuell Fräiheete garantéieren. Dat hänkt och e bësse vun de Sujeten of, mä et gesäit een op jidde Fall, datt et eng ganz sensibel Matière ass, an dofir ass och d'Ausschaffe vun esou engem Gesetz net ëmmer einfach.

Et stelle sech awer e puer Froen an dësem Kontext, déi ech wollt uféieren, well ech an deene puer Minutten, déi engem zur Verfügung stinn, natierlech net kann all Punkten ugoen, mä awer e puer Saachen, déi mer wichteg schéngen.

Dat eent ass: Et ass ze begréissen, datt hei versicht gëtt fir d'Formalitéiten, d'Prozeduren ze accéléréieren. Mä et gesäit een an et muss ee bedaueren, datt een net kann dee Prinzip zréckbehalen, datt eng Demande ouni Äntwert no dräi Méint enger Autorisatioun gläichgestallt gëtt.

Mir wëssen, datt elo eng 1.350, wann ech de Rapporteur richteg verstanen hunn, Demanden en instance sinn. Eng Fro, déi sech awer elo stellt, ass: Mat deem neie Gesetz si jo eng etlech weider Exemptioune virgesinn. Et sinn och verschidde Simplifications administratives virgesinn. Ech mengen, datt dat neit Gesetz sech och op déi bestehend Demanden applizéiert, an duerfir wollt ech d'Regierung respektiv de Rapporteur froen, ob deem esou ass. Well wann deem esou ass, an dat schéngt mer de Fall ze sinn, da kéinten héchstwahrscheinlech eng etlech Demanden direkt an deem Sënn beäntwert ginn. Dat heescht, datt ee sech deene kënnt an dem Conseil national entleeën, ouni datt ee misst op Basis vum ale Gesetz nach eng Kéier déi ganz Saach autoriséieren oder aviséieren. Well domadder kéint et wéinstens dozou kommen, datt een een Deel vun deem Retard vun deenen Demanden, déi en instance sinn, kéint eliminéieren. Duerfir wier ech frou, wann déi Interpretatioun do vun der Regierung géif gedeelt ginn.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre des Communications*.- Jo!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Ech si ganz frou, Här Minister. Dat ass eng kloer Sprooch. Da wäerte mer also hoffentlech do där Saach e bësselche méi no kommen.

Dann hunn ech awer nach ee Problem, op deen ech wollt agoen. Dat ass den Artikel 17 vun dem Gesetz, wou et ëm den „transfert de données effectué vers un pays tiers n'assurant pas un niveau de protection adéquat au sens de l'article 18, paragraphe (2)" geet.

Do geet et ëm Donnéeën, déi also un Drëttlänner gescheckt ginn. Mir sinn ablécklech an enger europäesch-amerikanescher Diskussioun iwwert déi Donnéeën, déi Passagéier vu Fligere mussen ofginn, déi kënne stockéiert ginn an déi sollen an Amerika matgedeelt ginn.

Als Éischt ass et drëm gaange fir eng ronn - wann ech mech gutt erënneren - 26 Donnéeë weiderzeginn. Dat ass an der Tëschenzäit anscheinend op 19 erofgaangen.

Déi ganz Problematik, déi sech do stellt, dat ass ze wëssen, wat dann an Amerika domadder geschitt. An Amerika gëtt et fir déi Donnéeën, déi am Kader vun der Lutte contre le terrorisme gesat ginn, iwwerhaapt keng Méiglechkeet fir ze kucken, wat mat deenen Donnéeën dohanne passéiert. De Citoyen, den Individu huet keng Méiglechkeet, fir déi Donnéeën ze consultéieren a wat do stockéiert gëtt. Am Prinzip ass et jo geduecht fir d'Lutte contre le terrorisme, mä et gesäit een, datt awer aus verschiddene Berichter vum amerikanesche Kongress déi Donnéeën och gebraucht gi fir Espionnage économique. Et muss een also oppassen, wat do geschitt.

Ech weess, dat ass eng europäesch Debatt. Ech verlaangen elo net vun der Regierung, elo direkt eng Décisioun ze huelen, mä ech kann lech awer annoncéieren, datt ech eng Question parlementaire an deem Sënn wäert un d'Regierung stellen, fir gewuer ze ginn, wat dann eigentlech elo genau vun Donnéeën do soll weidergi ginn a wéi déi Debatt herno wäert evoluéieren. Well et ass awer eng ganz sensibel Geschicht, wat hei duerchgezu gëtt.

Dat gesot, mengen ech awer, datt dat Gesetz, wat mer hei virleien hunn, en noutwen-

degt Gesetz ass, an doduerjer kann och d'ADR mat dem Gesetzesprojet d'accord sinn.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Ganz kuerz, ech hat jo besonnesch am Beräich, wat d'Aarbechtsplaz ubelaangt, wéi mer an der zoustänneger Kommissioun vum Travail iwwert dëst Gesetz an dat ursprénglecht Gesetz geschwat hunn, schonn eng Rei Bedenken ervirbruecht wat d'Opstelle vu Kameraen ubelaangt, an dat bleift och elo nach ëmmer meng prioritär Suerg.

Mä meng Suerg bleift awer och déi, wat elo déi ëmmer méi Nofroen am Sécherheetsberäich ubelaangt, och elo zum Beispill am öffentlechen Transport, wou mer eng Rei Diskussiounen doriwwer kréien a wou mer awer ganz gutt mussen oppassen, wéi wäit dass mer ginn.

Deen anere Problem, deen ech hunn - ech mengen do deelen ech d'Suergen an d'Bedenke vun deenen anere Leit -, dat ass dee Silence administratif, dass deen automatesch soll no dräi Méint e Refus sinn. Ech mengen, dat schmaacht mer och an anere Beräicher net. Dat ass eng falsch Approche. Dat ass eng Approche, déi einfach deene Leit, déi en Antrag stellen, d'Waasser vun der Millen hält, well déi esou kee Recht dorop hu fir iwwerhaapt eng Äntwert ze kréien an emol net gewuer ginn, firwat hir Demande da refuséiert ginn ass.

Dat ass eng Aart a Weis, déi allen demokratesche Spillregele widersprécht. Duerfir ass dat Gesetz hei och dat, wat mir elo an deem Sënn net schmaacht an och an Zukunft net wäert schmaachen. Also, ech hu meng Bedenken engersäits wat d'Kameraopstellungen op der Aarbechtsplaz ubelaangt, an ech hu meng Bedenken anerersäits och wat de Sécherheetsberäich ubelaangt, well nach eng Rei Onkloerheeten do sinn. An duerfir wäert ech mech och bei dësem Gesetz enthalen.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Minister Schiltz, wann ech gelift.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre des Communications*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur souwéi alle Virriedner Merci soe fir déi konstruktiv Beiträg hei.

Richteg ass, datt mer am Joer 2002 en éischte Worf realiséiert hunn, datt mer am Joer 2005 déi ganz Dateschutzfro am Kader vun den elektronesche Kommunikatioune geregelt hunn, datt d'Regierung e Projet op den Instanzewee ginn huet, datt de Statsrot en éischten Avis ginn huet, d'Chamber sech prononcéiert huet, de Statsrot en zweeten Avis ginn huet.

Schonn eleng all déi Etappen an där kuerzer Period tëschent 2002 an haut beweisen, datt et eng Matière ass, wou keen d'Wourecht gepacht huet a wou lues a lues d'Iddien an d'Konzepter sech openeen zoubewegen. Et ass och normal, datt keen d'Wourecht gepacht huet wat den Dateschutz ubelaangt, well - wéi vill vun de Virriedner et gesot hunn - et ëmmer eng Fro vun Equilibren op där enger an op där anerer Säit ass, wou et meng fest Iwwerzeegung ass a bleift, datt am Zweifelsfall d'Privatsphär an déi individuell Fräiheete musse Virrang hunn. An dat ass och dat, wat d'Regierung als Prinzip - an och d'Chamber, denken ech - guidéiert huet an där ganzer Evolutioun hei.

Mat deem Projet hei si mer definitiv am 21. Jorhonnert ukomm, wat den Dateschutz ubelaangt, mä d'Zäit leeft weider an d'Evolutioun geet weider. Et ass hei geschwat gi vu Géolocalisatioun. Et kéint een och nach vum Internet des objets schreiwen. Dat heescht, all déi méi intelligent Manéiere fir Objeten ze lokaliséieren a fir se mat Informatiounen ze versinn, au-delà vum klassesche Code-barre; alles dat wäert nach kommen an alles dat wäert eis hei och nach beschäftegen.

Dat huet Virdeeler, mä et sinn och Geforen domat verbonnen. Et ass domadder net anescht wéi mat all deenen aneren Aspekter, déi den Dateschutz ubelaangen.

D'Basis, op där mer konnte schaffen, war eng duebel Basis: Éischtens de Regierungsprogramm, wou drasteet, datt mer wëlle simplifiéieren an déi Elementer elimineieren, déi keng Plus-value brëngen, wat déi individuell Fräiheeten an d'Privatsphär ubelaangt. An déi zweet Basis war déi vun der Experienz an deene leschte Jore vun der Dateschutzkommissioun, wou ech hei ausdrécklech wëll soen, datt déi Kommissioun a mengen Aen eng exzellent Aarbecht mécht ënner schwierege Konditiounen, mat engem schwieregen Text an och mat Moyenen, déi net déi sinn, déi se misste sinn. Ech kommen dorobber zréck.

Op Basis vun deenen zwee Elementer hu mer eis op zwou Achse beweegt. Mir hu probéiert ze allégéieren, ouni eppes a Fro ze stellen, wou et sech ëm déi individuell Fräiheeten handelt. Mir hunn och probéiert ze clarifiéieren, an op deem Punkt, wou mer d'Direktiv zwee zu eent oder annerhallef zu eent ëmgesat hunn, zréckzeschrauwen an op eent zu eent zréckzegoen.

Ech wëll op aacht Punkte ganz kuerz agoen. Ech wëll awer virdru vläicht kuerz zwou oder dräi Froe beäntwerten.

Wat d'Fro vun der Aarbechtsplaz ubelaangt, esou ass do e belschen Text entre-temps votéiert ginn. Deen ass an der zoustänneger Kommissioun. Dee soll do diskutéiert ginn. Et ass also do näischt geännert. Ech kann den Här Jaerling an deem Sënn berouegen.

Dem Här Henckes wollt ech soen, datt selbstverständlech déi al Autorisatioune mat eriwwerginn an an den neie System falen, vun deem Moment u wou d'Gesetz uwendbar ass.

A wat deen Accord tëschent Europa an Amerika ubelaangt, ass dat en Accord, deen op europäeschem Niveau am Kader vun „Justice et Affaires intérieures" ofgeschloss ginn ass. Ech géif also bieden déi Fro dohin ze riichten. Deen Accord ass mengen Informatiounen no virun e puer Deeg ofgeschloss ginn. D'Dauer vun der Conservatioun ass, mengen ech, allongéiert ginn, mä d'Quantitéit vun den Donnéeën ass erofgesat ginn; mä enfin, ech kann do net mat allen Detailer déngen. Ech bieden do ëm Verständnis, well ech net direkt implizéiert war.

Éischte Punkt vun deene puer Punkten, déi ech wëll ufëieren, d'Kameraen. Mir bleiwen, wat d'Kameraen ubelaangt, an der Autorisatiounsprozedur soubal eng Kamera higeet an enregistréiert. Mir hunn also domadder mat Portugal an zwee dräi anere Länner deen héchste Protektiounsniveau europawäit. Et ass also kee Grond do zur Beonrouegung.

Richteg ass, datt d'Regierung eppes probéiert hat, d'Chamberskommissioun huet eppes probéiert, fir do d'Prozedur e bëssen ze änneren an e bësse méi nei Weeër ze goen, déi awer dem Statsrot no eng Rei institutionell Froen opwerfen. A vu datt mer an enger delikater Matière sinn, denken ech, wär et net gutt gewiescht fir sech einfach iwwert déi Bedenken ewechzesetzen. Et probéiert een nei Konzepter, wéi zum Beispill „le silence vaut autorisation" oder déi speziell Prozedur, déi d'Chamber ausgeschafft hat, alles op europäesche Modelle baséierend. An dann denken ech, wann en aneren en A drop werft a Bedenken huet, da soll een deene Rechnung droen, an dat huet d'Chamberskommissioun och gemaach. Wat net verhënnert, no all deem wat ech haut héieren hunn, datt déi Diskussioun eng Kéier geféiert gëtt, ob een a verschiddene Matièren - vläicht net an där hei elo, mä an aneren - op dee Wee soll goen. Och dat wier sécherlech eppes, wat kéint am Kapitel „Simplification administrative" seng Plaz fannen.

Fazit fir dat hei Gesetz: Wat déi individuell Fräiheeten ugeet brauchen all déi, déi Bedenken hunn - de Statsrot, wou der vill vun lech gesot hunn, datt se net berechtegt wären -, sech also keng Suergen ze maachen, well mer bleiwen am System vun den Autorisatioune soulaang eng Kamera enregistréiert.

Zweete Punkt, dee praktesch keen hei soulevéiert huet - an dat ass an deem Sënn och eng Äntwert op dem Här Braz seng Fro -, et sinn awer eng ganz Rei Saachen, déi elo exemptéiert ginn. Dat sinn total Standardtraitementer, wou sech eigentlech keng richteg Froe stellen.

Zum Beispill d'Administration des Salaires, alles wat d'Gestioun vu Kandidaturen a Recrutement ubelaangt, alles wat d'Kontabilitéit ubelaangt, d'Gestioun vun Aktionären, Obligatairen, d'Gestioun vu Clientèle, d'Gestioun vu Fournisseuren. Alles wat Affekoten, Notären an Dierwiechteren traitéieren. D'Traitementer vun de Journalisten. Alles, wat an de Schoulen traitéiert gëtt. Alles, wou Réseaux informatiques opgebaut ginn, ass also an der Exemptioun. Dat heescht do brauch kee sech méi Suergen ze maachen, ob hie muss notifiéieren oder eng Autorisatioun froen. Dat ass also eng Vereinfachung op einfache Saachen, déi den Usageren an de Leit och direkt zeguttkënnt.

Direkt kënnt de Leit och zegutt, datt d'A.s.b.l.en an d'Fondatiounen näischt méi brauchen ze notifiéieren, datt déi och aus dem System erausgeholl gi sinn. Alles dat sinn awer, denken ech, Vereinfachungen, déi substanzieller Natur sinn.

Drëtte Punkt, ganz kuerz: D'Personnes morales sinn och am Sënn vun enger Eent-zu-eent-Adaptatioun, wat d'Direktiv ubelaangt, aus dem Gesetz hei erausgeholl ginn, wat hir Protektioun ubelaangt, einfach well souwuel d'Regierung wéi d'Chamberskommissioun der Meenung waren, datt déi genuch protégéiert wären oder adequat protégéiert wären iwwer aner Weeër, iwwert den Droit des Sociétés, iwwert de Registre de Commerce an iwwer eng ganz Rei vun anere Gesetzer.

Véiertens hu mer d'Definitioun vum Consentement erëm zréckgeféiert op eng Eent-zu-eent-Regelung par rapport zur Direktiv; wat wichteg ass fir den Développement vum Commerce électronique.

Fënneftens ass et wichteg, och fir de Commerce électronique, mä awer och fir d'Privatsphär vun deem Eenzelnen, datt mer d'Durée vun der Conservatioun, wat déi elektronesch Donnéeën ubelaangt, vun zwielef op sechs Méint erofsetzen - wat eng Demande war, déi am Mee 2005 hei gestallt ginn ass, an ech hunn deemools gesot ech géif dat an deem hei Kader maachen.

Mir hunn also d'Conservatioun vun den elektroneschen Donnéeën, wat d'Durée ubelaangt, wat d'Opérateure mussen halen, vun zwielef op sechs Méint erofgesat. Och dat ass eng Vereinfachung. Och dat brëngt méi Schutz fir deem Eenzelne seng Privatsphär, well mer vun zwielef op sechs erofgaange sinn an déi Donnéeën also nëmme sechs Méint laang gehale ginn.

Mir hunn och eng Vereinfachung abruecht um Niveau vum Chargé de la protection des données, deen entre-temps e Salarié ka sinn. Well mer einfach gesinn hunn, datt d'Praxis déi war, datt d'Salariéë ganz oft Chargé de la protection wollte ginn, et awer net konnte ginn. Mir hunn do e Protektiounsmechanismus agebaut, datt dee Salarié sech net Représaillen, wéi et am Text heescht, exposéiert à l'égard vu sengem Patron.

Eng ganz Rei Saache bleiwen awer. Et bleift, datt déi sensibel Donnéeën iwwert d'Origine raciale, iwwert d'Origine ethnique, iwwert d'Opinions politiques, iwwert d'Convictions religieuses, iwwert d'Convictions philosophiques, etc. weiderhin net traitéiert kënne ginn. Dat heescht déi Donnéeën dierfen iwwerhaapt net collectéiert an duerno och net organiséiert ginn. Dat heescht, mat deenen däerf iwwerhaapt näischt geschéien. Och dat ass eng essenziell Protektioun vun der Privatsphär, déi am Gesetz bestoe bleift.

Biometresch Donnéeën, selbstverständlech, bleiwe soumises à autorisation. Alles wat Interconnexioun ubelaangt bleift soumis à autorisation. Alles wat genetesch Donnéeën ubelaangt, déi an engem ganz enke Kader nëmme kënnen traitéiert ginn, bleift soumis à autorisation. Wann een Donnéeë collectéiert a se wëllt fir en aneren Zweck gebrauchen herno, muss een eng Autorisatioun froen. Alles dat ass also e protektive Kader. Ech denken also, datt mer a villen Essaien, a sukzessiven Essaien - Regierung, Chamber, Statsrot, etc. - mat e puermol hin an hier et fäerdeg bruecht hunn, en Equiliber fir déi nächst Joren hierzestelle wat d'Protektioun vun deem Eenzelnen ubelaangt, an engem effikassen Dateschutzsystem op där anerer Säit.

Selbstverständlech geet et mat deem Gesetz hei eleng net duer. Ech hunn an der Chamberskommissioun gesot, datt d'Regierung gewëllt wär d'Personaldecke vun der Kommissioun opzestacken. Ech ginn dovun aus, datt mer dat bei där nächster Geleeënheet maachen, nämlech am Budgetsgesetz. An ech wäert mat der Kommissioun zesumme kucken, wéi vill Leit dat dann elo op Basis vun deem definitiven Text hei musse sinn. Et sinn Zuele schonn zirkuléiert. Ech wëll mech hei net op eng festleeën, well ech denken, datt den Text jo eigentlech deen ass dee mécht, wéi vill Leit do zousätzlech engagéiert ginn. Ech wollt mech do eng Kéier awer mat der Kommissioun beroden, mä mir maachen et nach dëst Joer. Et ass op jidde Fall mäi feste Wëllen, fir et am Budgetsgesetz un dësem Joer virzegesinn, well d'Aarbecht vun der Kommissioun sech jo net op den Examen vun Dossiere beschränkt - op den Examen vun Dossieren, déi do leien, a vun deenen, déi nach erakommen -, mä well d'Kommissioun och zwou aner Missiounen op d'mannst huet. Déi eng Missioun ass déi vun der Standardisatioun. Dat heescht, datt se och Guidelines erausgëtt fir d'Saache vun hirer Säit aus méi einfach ze maachen, aus hirer Erfahrung eraus. An d'Kommissioun huet jo schonn an deene leschte Wochen a Méint bewisen, datt se Richtlinnen erausgëtt, datt se standardiséiert. Hir zweet Missioun ass, datt se de Leit d'Liewen esou einfach mécht wéi méiglech. Déi drëtt Missioun ass déi vun der Opklärung. An ech sinn e bësse gehäit driwwer, datt gesot gëtt déi Opklärungsmissioun géif se net zur Genüge erfëllen. Ech wëll awer soen, datt déi Kommissioun sech schonn an deene leschte Jore vill Méi ginn huet fir opzeklären, iwwert de Wee vu Broschüren, iwwert de Wee vu Campagnen, iwwert de Wee vun hirem Internetsite. Ech fannen, datt et eng vun deene Kommissiounen ass, déi mer hunn hei am Land, déi eng gutt Aarbecht no bausse mécht. Si ass sécherlech nach verbesserungsfäeg, a mir huelen dat och an deem Sënn hei mat op de Wee.

Alles an allem denken ech, datt dat hei e Gesetz ass mat deem mer kënnen an deenen nächste Jore fonctionnéieren. D'Evolutioun wäert selbstverständlech erëm méi séier goe wéi d'Gesetz. A meng Iwwerzeegung ass et och, datt dat hei net dee leschten Akt ass. An ech ginn dann d'Hoffnung och net op, datt déi, déi sech haut nach enthalen, dann am drëtten Essai wäerten dofir stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5554. Den Text steet am Document parlementaire 5554[9].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5554 ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen, bei 8 Enthalungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Martine Stein-Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zur Motioun vum Här Lucien Clement iwwert de „public private partnership".

(Interruption)

15. Motion de M. Lucien Clement relative au «public private partnership»

Dépôt et exposé

M. Lucien Clement *(CSV), auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech an och anerer hunn op dëser Tribün schonn des Öfteren, mengen ech, iwwert d'Méiglechkeet vun engem PPP, engem „public private partnership" geschwat. Et